



F.L.P.S.
Section de compétiton

CCRA IBAN LU11 0090 0000 2116 2003

CCPL IBAN LU89 1111 0229 3341 0000

PARTENAIRE S OFFICIEL S



Fishing World
219B, rte de Luxembourg
L-3254 BETTEMBOURG
Tel.: 00352 (52 22 32)



Assurance lalux John Grün
4, place de la paix
L-4275 ESCH/ALZETTE
Tel.: 00352 (691 335 337)



Aqua Zoo Pêche
67, av. J.F. Kennedy
L-9053 ETTTELBRUCK
Tel.: 00352 (81 71 31)

Bericht vun eiser Generalversammlung vun der Sportsectioun vum 7 Februar 2020.

Den 7. Februar haten mir eis zu Lintgen am Café de la Gare getraff fir eis alljährlech Generalversammlung ofzehalen. Et muss een soen, dass nawell vill Memberen vun eiser Sectioun sech afonnt hunn. Nodeems eisen President f.f., den Mike Thinnés e puer Wuert un d' Leit geriicht huet, hu mer eng Gedenkminutt gehalen fir un all déi ze erënneren déi eis am Laf vum leschten Joer verlooss hunn.

Duerno war et un der Rei vum Sekretär dem Pit Conrady fir ob säin Tätigkeetsbericht anzegoen, an zwar mat der Presentatioun vun enger klenger Brochure mat sämtlechen Resultater vum leschten Joer, wei och mam neien Programm fir dat lafend Joer. Et konnt een festhalen, dass déi Resultater ob internationalen Matcher net onbedengt déi Bescht waren, trotz enger gudder 12ter Platz ob der WM zu Novi Sad an Serbien, mee dass mer awer weider no fir eis orientéieren missten. Zu Saarlouis ob der Saar war den traditionellen Match géint Saarland. Dëse Match wor och nees säit laangem zesummen mat enger Équipe aus dem Loutrengen ofgehal ginn. Dëst Joer gétt de Match dann och fir d' éischt nees vun den franséischen Kollegen organiséiert.

Eist nationalt Championat wou mer d' lescht Joer och Ausscheidungsfëschchen ënner dem Numm vun enger II Divisioun ausgedroen hunn, ass ofgehalen ginn zu Cattenom, an zwar den 9ten an 10ten Mäerz. Déi zweet Manche hu mer awer dunn selwer annulléiert wéinst engem Stuermdéif deen iwwe den Séi gezunn ass, an Wandspëtzen vun 80 km/h Stonn mat bruecht huet. D' Gesondheet vun den Fëscher geet nach ëmmer vir. Als Gewënner ass do den Raach Valentin ervirgaang, gefollegt vum Jadin Serge an dem Schreiner Jean.

Championat vun der I Divisioun ass ofgehalen ginn zu Cattenom um Lac de Mirgenbach den 23ten an 24ten Mäerz, zu Creutzwald den 5ten Mäi, zu Réimech bei ons un der Musel, den 5ten an 6ten Oktober, an zu Cattenom nees den 9ten November. Dësen leschten Datum hat

deen vum 4ten Mäi ersat, deen Dag wou S.A.R den Grand-Duc Jean säin Begriefnes stattfonnt huet. Mir haten vun uewen erof, COSL, an engem offiziellen Schreiwes un d' Häerz geluecht kritt sämtlech Competitioun' en ze annulléieren.

Als Gewënner vun deem Championat ass den Stranen Roger als Champion 2019 erausgaang. Zweeten gouf den Weber Marc an ech selwer sinn ob der drëtter Platz gelant.

Den Pit ass dunn och agaang ob de Programm fir eist Championat 2020. Do gëtt den 23ten an 24ten Mee II Divisioun ausgedroen, an zwar zu Cattenom um Séi. Dëst Fëschchen zielt dann och fir Qualifikatioun fir Deelhuelen un der I Divisioun kënnen matzemëschen. Well elo 12 Leit sech gemellt hunn kennen mer eis ob een spannenden Match freeën. 4 Plätzen sinn ze verdeelen fir déi ieweschter Divisioun.

Dann ginn der Rei no, an zwar den 13ten an 14ten Juni déi éischt 2 Manchen zu St. Mihiel um Kanal vun der Meuse gefëscht. Déi nächst 2 Manchen dann den 26ten an 27ten September zu Creutzwald an déi lescht 2 Manchen bei eis doheem den 3ten an 4ten Oktober. Do gëtt den Parcours méi spéit am Joer décidéiert. Auswäichdatum ass dann virgesinn fir den 7ten an 8ten November.

De Keessebericht hunn ech dunn als Keessjee iwuerholl. Do wär festzehalen dass mer weider eng gesond Caisse hunn mat engem klengen Minus vun 28 Euro. Des gesond Caisse hunn mer haaptsächlech ze Verdanken dem Sportsministère wéi och eisen Sponsoren 2019, dem Fishing World vu Beetebuerg, dem AquaZooPêche vun Ettelbréck an als neien Sponsor der Agence Lalux vum Grün John. Natierlech och net ze vergiessen den Jadin Serge, deen eis all Joer fir den Concours Bällagen sponsert fir Bréidercher déi ob eisem Concours verkaf ginn. Ee groussen Merci awer geet och un déi zwee Schaff Päerd, den Erny Wagener an den Dan Schleich, déi eis all Kéiers während den Manchen vum Championat eppes Kulinaresches fir den Bauch erbäi zauberen. Ech soen et éierlech, esou Leit sinn immens wichteg fir eis Fëscherei innerhalb den Sectiounen respektiv dem Verband. An natierlech un all déi Leit déi eis weider ennerstetzen an deem se eis Championater kucken kommen respektiv eng Memberskaart oder Loterienummeren bei eis hunn.

Als Caissier hunn ech och dunn Décharge kritt vun eisen Keesserevisoren, dem Meis Frank an dem Grün John. Den Meis Frank huet sech och bereet erkläert weider Caisse zesammen mam neien Revisor dem Quintus Jeff ze kontrolléieren.

Nächste Punkt war d' Wahl fir en neien President. Do haten mer dëst Joer mam Grün John säit laangem mol nees eng Kandidatur um Dech leien. Hien ass dunn och per Akklamatioun gewielt ginn. Doduerch huet hien dunn och seng Funktioun als Keesserevisor missen hierginn.

Enner der fräier Aussprooch wollt keen sech zu Wuert mellen esou dass een dovun kéint ausgoen, dass alles an der Rei ass an dass all Member deen present war mat der Féierung vum Comité an vun der Sektoun zefridden ass.

De Pierrot Merten huet dunn nach als Verrieder vum Verband d' Wuert ergraff an ons Sectioun gelueft an ze verstoen ginn, dass dës Sectioun sérieux an propper Aarbecht leescht. En plus huet hien eisen Verbandspräsident entschëllegt deen krank doheem am Bett géif leien. Eng gutt Besserung an deem Sënn gewünscht vun eiser Sectioun.

Zum Schluss sinn nach all déi Leit honoréiert ginn mat engem klengen Present déi ons am Laf vum Joer gehollef hunn.

Kandidaturen fir den Comité haten mer keng. Dem Kartheiser Gilles huet sech dunn awer zum Schluss gemellt an gëtt doduerch als KO optéierten Member fir Joer 2020 an den Comité opgeholl.

Festzehalen ass och nach dass insgesamt dëst Joer sech 32 Fëscher fir Championat ugemellt hunn. Dat beweist dass den Interessen nees enorm geklommen ass an den leschten Joeren, sech souguer verduebelt huet. Echoen no déi eis vun villen neien Fëscher entgéint kommen, ass dass dat Folgen vun enger proppere an kamerodschaftlecher Haltung ënnert en neen ass. Et muss een awer och soen dass mir an eisem Comité relativ seelen gréisser Diskussiounen hunn an relativ schnell eis Décisiounen gemeinsam huelen. Do gesäit een dass mer et verstan hunn eis just ëm eisen Hobby ze bekëmmere an dass mer duerch déi gutt Aarbecht déi geleescht ginn ass elo do stinn wou mer stinn.

An deem Sënn wënschen ech lech am Numm vum Comité nëmmen alles Beschten's fir d'Saison 2020.

Schmitt Fernand